

Bieles, den 12.02.2021

## Communiqué vum HBB iwwert d'Diskussione ronderëm Beetebuerg a Suessem

Mat dësem Schreiwes deelt den HBB mat, dass de Club ab e Sonndeg, 14. Februar 2021, net méi ënnert dem Numm *Handball Bettembourg* gefouert gëtt. Wéi an enger Rei Presseartikelen ze liese war, ass den HBB eng Testphase mat der Gemeng Suessem agaangen. Dorops hin huet d'Gemeng Bettembourg dem Club en Ultimatum bis den 1. Mäerz gestallt, fir eng frëizäiteg Entscheedung iwwert d'Zukunft ze treffen. Den HBB huet doropshin entscheet, d'Relatiounen mat der Gemeng Beetebuerg folglech op de 14 Februar 2021 opzeginn. Dëst bedeit, dass de Club net méi op d'Infrastrukture vun der Gemeng Beetebuerg zrëckgräife kann an och net méi ënnert Handball Bettembourg optrëtt.

Den Club heescht domat net méi Handball Bettembourg mä **Handball Bieles**. D'Ofkierzung vum Club bleift weiderhin **HBB**. Well et sech just em eng Ännerung vum Numm handelt, bleift de Club dee selwechten an et huet keng Repercutionen op d'Championnat oder eis Equippen. Och wann den Handball Club ab dann e neien Numm huet, a wéi och schonn an der Presse geschriwwen, seng Trainingen a Matcher zu Bieles ofhält, sou ännert dat näischt un der Testphase, déi tëscht dem HBB an der Gemeng Suessem ausgehandelt ginn ass. **Den HBB ass domat an enger Testphase an der Suessemer Gemeng, an dëst bis de Summer**. De Wiessel vum Numm bedeit also keen definitive Wiessel. E Retour op Beetebuerg dogéint ass ausgeschloss. De Siège social ass net méi zu Beetebuerg, mä iwwergangsweis op enger Adress zu Bascharage.

Duerch d'Ännerung vum Numm an Handball Bieles, wiesselt de Club och ab dann seng Corporate Identity : de Logo, d'Internetsäit, asw. D'Uniforme bleiwen awer déi selwecht. Duerch d'Ännerung vum Logo a Numm wiesselt de Club och seng Internetsäit-Adress, Mailadressen an och d'Social Media Accounts :

- [www.handball-bieles.lu](http://www.handball-bieles.lu)
- [Info@handball-bieles.lu](mailto:Info@handball-bieles.lu)



De Club spillt seng Matcher an och seng Trainingen zu Bieles am Kannercampus. Hei hunn d'Trainingen am Januar ugefaangen, den éischte Match gouf de 6. Februar gespillt. Mir wëllen awer ënnersträichen, dass am Januar nach keng Entscheidung getraff war an och wann schonn zu Bieles trainéiert gi war, an och elo eng definitiv Entscheidung réischt am Summer geholl gëtt.

Mir sinn eis bewosst, dass dëse Schrëtt eng Rei Froen opwerft a sécherlech och bei deem eng oder aneren op Onverständnis stéisst. D'Grënn fir de Wiessel wëlle mir net weider an der Ëffentlechkeet diskutéieren, dës sinn ënnert de concernéierte Partner beschwat ginn. Mir wëllen awer zu e puer Saache Stellung huelen.

Et stëmmt net, dass d'Entscheidung iwwert e Wiessel scho getraff war, ouni dass d'Memberen informéiert gi sinn. D'Gesprécher tëscht dem HBB an der Gemeng Suessem si wuel dat lescht Joer schonn ugelaft, entscheet war awer nach näischt. Initial sollten d'Senior-Equippen vum HBB fir de Recht vun der Saison zu Bieles spillen an Enn der Saison sollt gemeinsam eng Entscheidung getraff ginn. Dëse Gedanken huet allerdéngs missen duerch e Schreiwes vun der Gemeng Beetebuerg ugepasst ginn, wourop hin eng Rei Versammlunge statt fonnt hunn. Réischt den 11. Februar ass d'Entscheidung getraff ginn, fir d'Relatioun mat Beetebuerg opzeléisen. Dës Weideren ënnersträiche mir nach eng Kéier, dass et sech ëm eng Testphase zu Suessem handelt, wou d'Gemeng am Summer nach ëmmer e Veto-Recht huet, sollt et zu iergendwellechen Tëscheffäll kommen, wouvun awer béid Partner net ausginn. Dass scho virdrun am *signalétique* vum Club um Site vun der FLH de *Kannercampus* als „Austragungsort“ vum HBB opgelëscht war, huet domat ze dinn, dass d'Matcher do gespillt gi sinn a gespillt ginn.

Et ass eis als Club wichteg ze soen, dass et hei net dorëms geet, 30 Joer Veräinsgeschicht ob en Enn ze bréngen. Och wann de Club a senger aktueller Form a mat sengen Equippen de Standuert wiesselt, sou wäert et ëmmer méiglech sinn, d'Geschicht zu Beetebuerg vun engem Handball weider ze féieren a mir sinn iwwerzeegt, dass dëst och wäert vun engem garantéiert ginn.

De Club wäert sech elo op déi verbleiwend Méint vun dëser Saison konzentréieren, de Jugend-Training wäert och heibäi natierlech net vernoléisseg ginn. D'SpillerInnen vun Club an de Comité stinn hannert dësem Schrëtt a sinn iwwerzeegt, dass et déi richteg Entscheidung war. Heiduerch kritt de Club vill nei Méiglechkeeten, op déi mir wëllen ziele kennen. Mir wëllen der Gemeng Suessem elo schonn vu ganzem Häerzen e grouse Merci soen fir d'Ënnerstëtzung an d'Vertrauen a virun allem fir déi Chance, déi mir kréien. Mir hoffen all, dass mir am Summer aus der Testphase en definitive Projet kenne maachen, deen Sportsbild vu Suessem laangfristeg präge wäert.

Mir wëllen awer och der Gemeng Beetebuerg Merci soen, fir all déi Joren wou de Club zu Beetebuerg säin doheem war. E Merci geet un d'Personal vun der Sportshal, un den aktuellen an déi fréier Schäfferéit an un déi Leit, déi eis ënnerstëtzt hunn. Och wann elo e neit Kapitel ufänkt, sou wäert dës Zäit awer ni vergiess ginn.

De Club wäert Iech um Enn vun der Saison och informéieren, wéi et weider geet.

Mat sportleche Gréiss  
Handball Bieles